# Carte Blanche

## Laizitéit zu Lëtzebuerg: Onméiglech?

RTL - 24.11.2010, 07:37 - Fir d'lescht aktualiséiert: 23.11.2010, 10:46

**Commentaire ofginn? Hei klicken!**



*Auteur: danielle igniti*

Vun Zäit zu Zäit ass de Sujet « Laïzitéit » an der Aktualitéit. Eng kleng Präsenz an de Medien, net riedenswäert. An da geet et weider wéi emmer – et gëtt schoulfréi fir ze pilgeren, d'Regierung tréppelt an den Te Deum, d'Muttergottes an d'Grossherzogin kréien en neien Rack fir d'Schlussprozessioun, d'Sprangprozessioun gëtt Patrimoine mondial de la culture – de fréieren sozialisteschen Burgermeeschter vun Iechternach ass stolz – zwee Schréck no vir an een no hannen – dat ass effektiv wéi bei den Sozialisten. E puer ganz Kinger loossen hiren neien Kulturzenter fir d' Eröffnung seenen, en öffentlecht Haus, wou d'Kulturen vun der Welt sollen eng Plaz dra fannen, et gleeft een et net.
Mee esou ass et zu Lëtzebuerg. De Staat ass kathoulesch a mir sin et all – op mer wëllen oder net. D'Koalitioun huet nach ee Projet fir eng « Maison de la laïcité » am Tirang leien, mee wann ee gesäit, wat se beim Gesetz iwwert d'IVG bruecht hunn, wënscht ee sech, datt se d'Fangeren ewech loossen vun allen gesellschaftspoliteschen Froen. Mir ginn da weider an d'Ausland fir d'IVG, fir als Homosexuel e Kand s'adoptéieren, fir d'Procréation médical assisté. Et ass jo net wäit. Mir huelen den TGV oder Reimen Air.

Mir brauche keng Maison de la laïcité, mee d'Trennung vun Kierch a Staat. Mir brauchen e modernen Staat, deen d'Bierger beschützt virun Integrismus, mat enger Konstitutioun, déi seet, datt de Staat neutral ass an d'Relioun Privatsaach. D'Relioun muss eraus aus der Schoul, eraus aus dem öffentlechen Liewen an eraus aus dem Budget. All Kulturzenter ass ze vill, all Sportsterrain ass eng Diskussioun, d'Bibliothéiken gi gestrach, d'öffentlech Servicer gi privatiséiert – awer d'Milliounen déi d'kathoulesch Kierch kritt, hir Matarbechter a Weiwaasserdréier, ginn zu kengem Moment a Fro gestallt. Hei héiert een näischt vun Krisis. Iwwer 80 Milliounen € - dat ass jo awer net näischt ! Wat mécht d'Kierch fir dëst Geld ze verdingen? De moraleschen Guide vun de Lëtzebuerger ze sinn, ka se jo schlecht behaapten, wann een gesäit, wat Kanner a Joncker an hiren Reien riskéieren. An d'Kierch ass och nach steeräich – Lännereien, Palaisen, Banken an Aktien gehéieren hir. Si spekuléiert an dealt ewéi déi grouss, a mir kënne blechen.

Mee – AHA – do deet sech eppes zu Letzebuerg. Jonk Leit an e puer Eelerer di sech zesummen als Atheisten, Humanisten an Agnostiker an aktualiséieren den Debat fir e laïzistechen Staat : progressiv – gerecht – transparent an tolerant – respektvoll vis-à-vis vun allen Reliounen, mee och vis-à-vis vun Netgleewegen. Ouni Exkommunikatioun, ouni Exorzismus, ouni krankkhaft Verdeiwelung vun alles wat mat Sexualitéit ze dinn huet. Virun allem ouni Hypokrisie, wou déi Räich ouni weideres Stierfhëllef kréien an d'Avortement am Fall vun enger Mésalliance der Fra staark rekommandéiert gett.

AHA freet no engem Staat, wou Gott keng Mussesaach ass, mee e fräie Choix, wou Glaawen näischt mat Muecht ze dinn huet a wou, vum Vollek gewielten Persounen Gesetzer maachen, ouni datt de Vatikan sech dramëscht.

AHA bräicht elo d'Ënnerstetzung vun de fräidenkenden Medien, Politiker a Bierger. AHA muss d'Méiglechkeet kréien hiren Debat an d'Öffentlechkeet ze bréngen fir eng oppen Diskussioun mat de Bierger. Ween decidéiert an eiser Demokratie : de Bëschof - de Grand-Duc oder d'Volleksvertrieder ?

« Hannescht op d'Iwwersiicht

« Hannescht op d'News Homepage

« Hannescht op d'Homepage

## Är Commentairen

Gidd w.e.g. Ären Numm an Är E-Mail-Adress un. Merci! D'E-Mail-Adress froe mir, fir Iech eng Confirmatioun ze schécken, wann Äre Commentaire online ass.
Duerch d'Fortschécke vun Ärem Commentaire acceptéiert Dir eis
**Conditions d'utilisations fir d'Moderatioun vun eise Commentairen a Lieserbréiwer.**

**MODERÉIERT W.E.G. ÄREN TOUN: KENG FRECHHEETEN.**
**KENG ONGEPRÉIFTE "FAKTEN". KENG FALSCH IDENTITÉITEN. MERCI!**

Numm:

E-Mail:

Text:

Commentaire fortschécken

Leo Flammang (2010-11-24 14:53:26)